ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2021

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten:

- ass besuergt iwwer d'Iddi, den „Impfpass" op europäeschem Niveau oder iergend en anert internationaalt digitaalt medezinescht Dokument bei engem Grenziwwertrëtt musse virzeweisen;
- empfënnt esou eng Prozedur als drasteschen Agréff an d'Reesfräiheet, déi e Pilier vum europäesche Bannemaart duerstellt;
- gesäit, datt den „EU-Impfpass" eng Zwou-Klasse-Gesellschaft mat sech bréngt, an där geimpfte Persoune méi Rechter wéi net geimpfte Persounen hunn;
- ënnersträicht, datt d'Grondrechter an d'perséinlech Fräiheete vun de Bierger an de Schutz vu senge privaten Donnéeën duerch esou eng Zertifikatioun net duerfen a Fro gestallt ginn;
- decidéiert, fir eng solidaresch Gesellschaft anzetrieden, an där d'Perséinlechkeetsrechter vun de Mënsche geschützt ginn a géint d'Gefor vun engem „gliesene Bierger" virgaange gëtt;

fuerdert d'Regierung op:

- dofir ze suergen, datt déi fräiwëlleg Decisioun, fir sech impfen ze loossen oder net, haut an an Zukunft keng Auswierkungen däerf op déi individuell Fräiheeten hunn;
- sech dofir anzesetzen, datt déi duerch d'Corona-Moossname wesentlech erschwéiert Reesfräiheet an der EU nees integral garantéiert ass;
- den „EU-Impfpass" als temporär sanitär Moossnam ze bëendegen, d'Dokument fir ofgelaf ze erklären an all domat gesammelt Donnéeën ze zerstéieren.